# DEN NAUE FUEDEM

INFOBLAT VUN DER GEMEEN WORMER

Wormer
d'Rieslingsgemeen

N°2
OKTOBER 2024



■WORMER ■WORMERBERREG ■OHN ■ÉINEN ■DRÄIBUER ■KAPENAKER ■MEECHTEM

Wormer
d'Rieslingsgemeen

## DE FUEDEM NET VERLÉIEREN


EDITORIAL 1
Mathis AST 1
In loving memory Max HENGEL 2
GEMEENEROT 4
De Bericht 4
RÉCKBLÉCK 22
2024 22
MATDEELUNGEN 24
Opruff Centenaire Wormer Koeppchen 24
Opruff Wormer Musek 25
NAUEGKEETEN 26
Jumelage 26
Riesling Open 30
Chantier N10 32
LetzShop 35
KLIMAPAKT 36
Asaz fir erneierbar Energie 36
Klimateam 37
FORMULAIREN 38
Studenteprimm 2024 38
KONTAKT 40
Nëtzlech Nummeren 40






**MATHIS AST**
SCHÄFFEN | *ÉCHEVIN*

# LÉIF MATBIERGER*INNEN,

Zwee Méint nom traurege Verloscht vun eisem geschätzte Buergermeeschter a Kolleg Max Hengel, ass de Schäfferot nees vollstänneg opgestallt, fir déi usteeënd Aufgaben unzegoen. Ech freeë mech, weiderhin am Schäfferot täteg ze sinn an zesumme mat eisem nei genannte Buergermeeschter Claude Pundel an dem nogeréckelte Schäffe Pierre Adam déi ugefaange Projete weiderzeféieren.

D'Aarbechten op der Route du Vin zu Wormer hu mir elo esou gutt ewéi op en Enn bruecht, mee mir brauchen awer nach e bësse Gedold bis de Chantier zu Éinen och ofgeschloss ass. Dono hu mir an der ganzer Gemeng e flotten a séchere Vélos- an Tréppelwee laanscht d'Musel.

Apropos Stroossebau: Fir de Reamenagement vun der Rue Principale ass schonn eng gutt Viraarbecht gemaach ginn. Bei dësem Projet läit mir virun allem d'Sécherheet vun eise Foussgänger um Häerz, sou datt ech frou sinn, datt d'Aarbechten d'nächst Joer do kënnen ufänken. Virgesinn ass een Trottoir op der ganzer Längt vun der Rue Principale. D'Véloe kréien eng eege Spuer fir sécher a béid Richtungen ze fueren.

Als Klimaschäffe wäert ech mech weiderhi fir d'Dossiere vum Klimaschutz asetzen, an datt d'Pakten déi mer um Pabeier ënnerschriwwen hunn, mam beschtméigleche Resultat fir d'Awunner ëmgesat ginn, soudass mir eise kommende Generatiounen en nohaltegt Ëmfeld an eng gesond Ëmwelt hannerloossen.

Passend dozou geet de gemeinsame Projet vum Wandpark mat der Gemeng Fluessweiler d'nächst Joer an déi endgülteg Phas vun den Autorisatiounen. Als Gemeng setze mir eis och weiderhin an, wann et dodrëms geet, Energie ze produzéieren. Ech si frou, datt d'Opträg fir Fotovoltaikanlagen op Gemengegebaier wéi dem Toussaintshaus, dem Scoutshome an dem Gemengenhaus gemaach gi sinn.

Vun däser Plaz aus wënschen ech iech elo schonn eng schéin Adventszäit a vill Spaass beim Liesen.

## CHER(E)S CONCITOYEN(NE)S,

*Deux mois après la perte de notre estimé bourgmestre et collègue Max Hengel, le Collège échevinal est de nouveau au complet pour relever les défis à venir. Je suis heureux de poursuivre mon travail en tant qu'échevin, aux côtés de notre nouveau bourgmestre Claude Pundel et de l'échevin nouvellement nommé Pierre Adam.*

*Les travaux sur la Route du Vin à Wormeldange sont presque achevés, mais il faudra encore un peu de patience avant la fin du chantier à Ehnen. Nous disposerons bientôt, dans toute la commune, d'une belle piste cyclable et piétonne sécurisée le long de la Moselle.*

*En ce qui concerne les travaux routiers, une préparation solide a déjà été réalisée pour le réaménagement de la Rue Principale. Ce projet vise particulièrement à améliorer la sécurité des piétons, et je suis heureux que les travaux puissent commencer l'année prochaine. Il prévoit un trottoir sur toute la longueur de la rue ainsi qu'une piste cyclable, offrant une circulation sécurisée dans les deux sens.*

*En tant qu'échevin en charge du climat, je m'engagerai activement sur les dossiers liés à sa protection, afin que les pactes que nous avons signés prennent vie et produisent les meilleurs résultats possibles pour nos habitants, laissant aux générations futures un environnement durable et sain.*

*Dans ce cadre, le projet commun de parc éolien avec la commune de Flaxweiler entrera l'année prochaine dans la phase finale des autorisations. En tant que commune, nous continuerons également à nous engager dans la production d'énergie. Je suis heureux que les contrats pour les installations photovoltaïques sur les bâtiments communaux, tels que la Maison Toussaint, le local des scouts et la maison communale, aient été attribués.*

*Bonne lecture et une merveilleuse période de l'Avent.*



















# IN LOVING MEMORY

Mam Max Hengel verléiert d'Gemeen Wormer net nëmmen hire Buergermeeschter, mee och e besonnesche Mënsch.

Ugefaangen huet dem Max seng politesch Lafbunn 2011, wéi hie fir d'éischt mat an d'Gemeenewale gaangen ass. Iwwer d'Joren huet hien sech als Conseiller bei villen Aktivitéiten a Fester weise gelooss an ass de Leit op Aenhéicht begéint. Vun 2017 u war de Max am Schäfferot, fir d'éischt huet hien d'Amt vum Buergermeeschter bekleet, dou dat vum Schäffen, fir dann 2023 nees als Buergermeeschter zeréckgewielt ze ginn.

Nieft senger lokalpolitescher Karriär huet hien sech och op nationalem Plang een Numm gemaach. Nodeems de Max jorelaang an der CSV-Fraktioun geschafft huet, ass hien 2022 an d'Chamber nogeréckelt. 2023 ass hien nees zeréckgewielt ginn.

Wärend senger Buergermeeschterperiod huet d'Gemeen Wormer eng bedeitend Etapp erreecht, andeems si de Cap vun 3000 Awunner iwwerschratt huet. Duerch Initiativen an Investitiounen ënnert senger Regie, ass d'Gemeen gewuess an zu engem méi liewenswäerten an attraktive Wunnraum ginn. Et war un him d'Gemeen duerch de Wuesstum ze navigéieren, e Schrëtt dee vill ofverlaangt.

A sengem éischte Virwuert als Buergermeeschter huet de Max Follgendes geschriwwen *« Mir ass et wichteg als Borgermeeschter noo bäi de Leit ze sinn, nozelauschteren an do wou et méiglech ass, séier an onkomplizéiert Léisungen am Sënn vun der Gemeen an hiren Awunner ze fannen »*. E Saz deen nach laang an den Oueren nohallt, well genau dat war de Max. Ëmmer nom Motto einfach a pragmatesch.

De Max huet d'Bedeitung vun iwwerparteilecher Zesummenaarbecht erkannt an d'Wuel vu senge Bierger iwwert parteipolitesch Interesse gestallt. Ënnert senger Regie, gouf am Schäfferot ganz kollegial als Eenheet zesummegeschafft am Interêt vun alle Bierger.

Dem Max säi Liewe war eng Rushhour - voller Deplacementer, Terminer an onzielege Kontakter. Am Sitzungssall gouf gelaacht, diskutéiert, d'Käpp zesumme gestach an zesumme Léisunge fonnt. Am Gemeenerot, wéi an der Administratioun an dem Atelier, huet de Max ëmmer de richtege Mix tëscht Seriositéit a Witz fonnt. Mat senger natierlecher Aura a sengem frëndleche Gesicht huet de Max et fäerdeg bruecht d'Leit ronderëm ze begeeschteren.

Hannert där positiver Fassad vun dësem grousse Mënsch, huet sech leider eng fatal Krankheet verstoppt. Netdestotrotz huet de Max ni geklot. Mat engem Glas alkoholfräie Crémant oder Wäin vun eise gudde Wënzer huet hien et sech net huele gelooss, och op deene gléckleche Momenter matzefeieren - ëmmer bei de Leit, déi him wichteg waren.

# GEMEENEROTSSITZUNG

*vu méindes, dem 6. Mee 2024*

**Present:** De Buergermeeschter Max HENGEL; d'Schäffe Claude PUNDEL a Mathis AST; d'Conseillere Martine SCHMIT, Marc KRING, Marc BECKIUS, Armand BECKER, Pierre ADAM, Marc KOHN a Judith KOHLER; de Gemeenesekretär Jean-Jacques HELLERS

**Entschëllegt:** D'Conseillere Martine KOHLL an de Conseiller Armand BECKER vum Punkt (9.) un

**Ufank vun der Sitzung:** 18.00 Auer

## ËFFENTLECH SITZUNG

### 1. Einnahmeerklärungen

De Gemeenerot huet d'Einnahmeerklärungen a Gesamthéicht vun 3.134.664,21 € geneemegt. Dovu bezéie sech 2.997.128,68 € nach op den Exercice 2023 an 137.535,53 € op den Exercice 2024.

### 2. Restantenetat 2023

10 x ☑

De Gemeenereceveur, Sébastien May, huet dem Gemeenerot de Restantenetat vum ofgeschlossenen Exercice 2023 virgeluecht. D'Réckstänn vun de Rechnunge vum Joer 2023 chiffréiere sech op 92.264,37 €. De Gemeenerot approuvéiert déi vum Receveur proposéiert Entlaaschtung an Héicht vun 17,50 €. De Solde vun 92.246,87 € muss nach agedriwwe ginn.

### 3. Festleeë vun de Grond- a Gewerbesteiersäz 2025

10 x ☑

De Gemeenerot beschléisst d'Grond- an d'Gewerbesteiersäz fir d'Joer 2025 esou bäizehale wéi déi Jore virdrun. D'Grondsteier A a B bleiwe bei 300 % wärend d'Gewerbesteier bei 250 % läit.

### 4. Uschloss vum Schoulkomplex Billek un den Ofwaasserkollekter - Pläng an Devis

10 x ☑

D'Gemeen Wormer huet TR-Engineering beoptraagt d'Schmotzwaasser vum Schoulkomplex Billek un dee vum SIDEST geplangte Kollekter an der Rue de Dreiborn unzeschléissen. De Schoulsyndikat muss dofir fir d'éischt e konformen Trennsystem a Plaz setze fir d'Reewaasser vum Schmotzwaasser ze trennen an et separat ofzeféieren. Parallel gëtt eng nei Drénkwaasserleitung esou wéi Gainë fir d'Stroossebeliichtung vum Schoulkomplex Billek bis bei de Fussballsterrain verluecht. Den Devis samt Etuden an Honorairë beleeft sech op 814.000,00 €.

### 5. Geneemegung vu Lotissementer

**5.1 « Berreggaass » zu Wormer**

10 x ☑

De Gemengerot geneemegt ee Lotissement an der Berreggaass zu Wormer mat deem déi ursprénglech Parzell mat der Nummer 232/9396 an zwee Louse gedeelt gëtt. De Lous 1 (nei Parzellnummer 232/11329) ass e Wunnhaus. De Lous 2 (nei Parzellnummer 232/11330) gëtt nei affektéiert en Vue vun enger Parkméiglechkeet.

**5.2 « Berreggaass », « Kräizgaass », « Wéngertswee » um Wormerberreg**

9 x ☑

*De Buergermeeschter Max HENGEL verléisst den Dësch a stëmmt net mat of.*

D'Proprietären hunn e Projet eragereecht, dee virgesäit d'Parzelle mat de Nummeren 1033/10653, 1042/11297, 1049/11254 an 1064/9448, an de Stroosse « Berreggaass », « Kräizgaass » a « Wéngertsberreg » a 5 Lousen ze splécken, fir d'Proprietéitsverhältnisser ausserhalb vum PAP « Wéngertsberreg » ze klären.

### 6. Compromis de vente - Schoulsyndikat Billek

10 x ☑

D'Gemeen Wormer verkeeft dem Schoulsyndikat Billek fir 11.107,50 € e Wéngertswee (Parzellnummer 1646/4903) mat enger Fläch vun 14,81 Ar zu Dräibuer um Bauschberreg. De Wee verleeft nieft der Maison Relais a laanscht d'Busgare Richtung Donwen. De Gemeenerot geneemegt de Compromis deen de 26. Mäerz 2024 tëscht dem Schäfferot an dem Schoulsyndikat Billek ënnerschriwwe ginn ass.

### 7. Kontrakter fir de Parking « An den Aessen » zu Éinen

10 x ☑

Den 20. Mäerz sinn zwee nei Locatiounskontrakter fir Parkplazen am Parking « An den Aessen » zu Éinen mat der Madamm Laura BORGES an der Madamm Tammy SEILER geschloss ginn.



GEMEENEROT
De Bericht

### 8. Kontrakt Nuetstransportdéngscht « Night Card »

10 x ☑

De Kontrakt tëscht der Gemeen Wormer an der Gesellschaft S.L.A. s.a. ass ugepasst ginn. De Privatbedreiwer vun de Busser huet Neiheete wéi de GDPR a Preziséierunge punkto Assurance, Verantwortung, Bezuelungsmethoden, Kontraktskënnegungen a Kilometergeld an deen neie Kontrakt « Nightcard » agefüügt.

### 9. Ofännerung vum Haapt-Verkéiersreglement

10 x ☑

D'Ännerung um kommunale Verkéiersreglement betrëfft d'Rout Luuchten op der N10 an an der Rue du Cimetière zu Wormer, déi an d'Reglement mat opgeholl gi sinn.

### 10. Ordinär Subsiden 2024

10 x ☑

Mat Ausnam vu Veräiner mat Personalkäschten, deenen hire Subsid ëm ronn 10% eropgeet, ginn d'Subsiden nom selwechte Verdeelerschlëssel ausbezuelt wéi dat Joer virdrun. D'Subside ginn an hirer Integralitéit zum Vott gestallt. De Gemeenerot geneemegt ordinär Subside mat engem Gesamtmontant vu 72.000,00 €. Dovu ginn 1.250,00 € un net lokal Associatiounen. D'Subside fir lokal Veräiner maachen 70.750,00 € aus. Déi lokal Veräiner kréien hire Subsid ënner der Bedéngung dat eng uerdnungsgeméiss Demande virläit.

### 11. Extraordinär Subsiden

10 x ☑

Op Virschlag vum Schäfferot decidéiert de Gemeenerot follgenden Associatiounen eng finanziell Ënnerstëtzung ze accordéieren :

| | |
|---|---|
| 100,00 € | Noël de la Rue asbl |
| 150,00 € | La Sécurité Routière |
| 100,00 € | Parkinson Luxembourg asbl |
| 100,00 € | Centre de promesses Wasserbillig « Télévie » |

## NET ËFFENTLECH SITZUNG

### 12. Ernennung vun engem Secrétaire Communal Adjoint

De Gemeenerot ernennt den Här Pascal WELTER fir d'Funktioune vum Secrétaire adjoint mat Aussiicht, de Poste vum Gemeenesekretär ze iwwerhuelen, esoubal den aktuelle Sekretär Jean-Jacques HELLERS a Pensioun geet.

ENN VUN DER SITZUNG ■

**AVIS OFFICIEL**

Il est porté à la connaissance du public que le Ministre des Affaires intérieures a approuvé en date du 28 juin 2024 le règlement de circulation voté par le Conseil communal de la Commune de Wormeldange, en séance publique du 6 mai 2024, point 9 de l'ordre du jour.

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

*lundi, 6 mai 2024*

**Présent:** Le bourgmestre Max HENGEL; les échevins Claude PUNDEL et Mathis AST; les conseillers Martine SCHMIT, Marc KRING, Marc BECKIUS, Armand BECKER, Pierre ADAM, Marc KOHN et Judith KOHLER, le secrétaire communal Jean-Jacques HELLERS

**Excusé:** La conseillère Martine KOHLL et le conseiller Armand BECKER à partir du point (9.)

**Début de la séance:** 18h00

## SÉANCE PUBLIQUE

### 1. Titres de recettes

Le Conseil communal approuve des déclarations de recettes d'un montant total de 3.134.664,21 €. De ce montant, 2.997.128,68 € se rapportent encore à l'exercice 2023 et 137.535,53 € à l'exercice 2024.

### 2. État des restants 2023

10 x ☑

L'État des restants est établi par le receveur à la clôture de l'exercice 2023. Le receveur communal Sébastien MAY fait constater au Conseil communal que le montant total des recettes à recouvrer se chiffre à 92.264,37 €. Le Conseil communal décide de décharger un total de 17,50 € pour des sommes irrécouvrables et d'admettre un solde de 92.246,87 € en reprises provisoires.

### 3. Fixation de l'impôt foncier et commercial 2025

10 x ☑

Par la décision du Conseil communal, les taux des impôts foncier et commercial ont été arrêtés aux taux appliqués des années précédentes, à savoir 300 % pour les impôts fonciers A et B, et 250 % pour l'impôt commercial.

### 4. Raccordement du centre scolaire Billek au collecteur d'eaux usées - Plans et devis

10 x ☑

La Commune de Wormeldange a chargé TR-Engineering pour raccorder le centre scolaire Billek au collecteur d'eaux usées projeté par le SIDEST à Dreiborn. Le Schoulsyndikat Billek doit d'abord mettre en place un système de séparation des eaux usées et des eaux pluviales. Parallèlement, une nouvelle conduite d'eau potable ainsi que des gaines pour l'éclairage public seront installées. Le devis, études et honoraires inclus, s'élève à 814.000,00 €.

### 5. Approbation de lotissements de terrains

**5.1. Lotissement « Berreggaass » à Wormeldange**

10 x ☑

Le Conseil communal approuve le lotissement du terrain dans la « Berreggaass » à Wormeldange divisant l'ancienne parcelle avec le numéro 232/9396 en deux lots. Le lot 1 (nouveau n° 232/11329) concerne une habitation. Le lot 2 (nouveau n° 232/11330) y sera affecté en vue de la construction d'un carport.

**5.2 Lotissement « Berreggaass », « Kräizgaass », « Wéngertswee » à Wormeldange-Haut**

9 x ☑

*Le bourgmestre Max HENGEL quitte la table des séances et ne prend par part au vote.*

Les propriétaires ont déposé un projet qui prévoit la division des parcelles 1033/10653, 1042/11297, 1049/11254 et 1064/9448 dans les rues « Berreggaass », « Kräizgaass » et « Wéngertsberreg » en 5 lots afin de clarifier les conditions de propriété en dehors du PAP « Wéngertsberreg ».

### 6. Compromis de vente - Schoulsyndikat Billek

10 x ☑

Le Conseil communal approuve le compromis signé en date du 26 mars 2024 entre le Collège échevinal et le Schoulsyndikat Billek concernant la parcelle 1646/4903 sise à Dreiborn. Le prix de vente pour cette parcelle de 14,81 ares située au lieu-dit « Bauschberreg » a été fixé à 11.107,50 €. La parcelle concerne un chemin d'exploitation longeant la maison relais et la gare de bus en direction de Niederdonven.

### 7. Contrats de location au parking « An den Aessen » à Ehnen

10 x ☑

Le Conseil communal a approuvé les deux contrats de location pour le parking « An den Aessen » à Ehnen, signés le 20 mars 2024 entre le Collège échevinal et Madame Laura BORGES et Madame Tammy SEILER.





### 8. Contrat service de transport de nuit « Night Card »

10 x ☑

Le contrat entre la Commune de Wormeldange et la société S.L.A. a dû faire objet d'adaptations.

Le prestataire privé a inséré diverses modifications telles que le RGPD ainsi que des clarifications relatives à l'assurance, la responsabilité, la modalité de paiement, la résiliation du contrat et le prix de kilomètre dans le contrat.

### 9. Modification du règlement général de circulation

9 x ☑

*Le conseiller BECKER Armand a dû quitter la séance avant sa fin.*

Le Conseil communal a pris une décision concernant la modification du règlement de circulation général en vigueur depuis le 23 juillet 2015. Les changements portent sur la réglementation des feux de circulation sur la N10 et la « Rue du Cimetière » à Wormeldange.

### 10. Subsides ordinaires 2023

9 x ☑

A l'exception des associations ayant des frais de personnel, qui voient leur subside augmenter d'environ 10%, les subsides ordinaires restent les mêmes que ceux de l'année précédente. Sur un total de 72.000,00 €, 70.750,00 € seront alloués aux associations locales, tandis que 1.250,00 € vont à des associations non locales. Les associations locales reçoivent leur subside sous réserve qu'une demande conforme soit présentée.

### 11. Subsides extraordinaires

9 x ☑

Plusieurs demandes de subside sont parvenues au Collège échevinal. Le Conseil communal accorde les subsides extraordinaires suivants :

| | |
|---|---|
| 100,00 € | Noël de la Rue asbl |
| 150,00 € | La Sécurité Routière |
| 100,00 € | Parkinson Luxembourg asbl |
| 100,00 € | Centre de promesses Wasserbillig « Télévie » |

## À HUIS CLOS

### 12. Désignation d'un Secrétaire Communal Adjoint

Le Conseil communal a nommé Monsieur Pascal WELTER en tant que secrétaire communal adjoint en vue d'assumer la fonction du secrétaire communal lors du départ en retraite du secrétaire en fonction Monsieur Jean-Jacques HELLERS.

FIN DE LA SÉANCE ■

**AVIS OFFICIEL**

Il est porté à la connaissance du public que le Ministre des Affaires intérieures a approuvé en date du 28 juin 2024 le règlement de circulation voté par le Conseil communal de la Commune de Wormeldange, en séance publique du 6 mai 2024, point 9 de l'ordre du jour.

# GEMEENEROTSSITZUNG

*vu méindes, dem 24. Juni 2024*

**Present:** De Buergermeeschter Max HENGEL; d'Schäffe Claude PUNDEL a Mathis AST; d'Conseillere Martine SCHMIT, Marc KRING, Marc BECKIUS, Armand BECKER, Pierre ADAM, Marc KOHN a Judith KOHLER; de Gemeenesekretär Jean-Jacques HELLERS

**Entschëllegt:** D'Conseillere Martine KOHLL

**Ufank vun der Sitzung:** 17.00 Auer

## ËFFENTLECH SITZUNG

*De Buergermeeschter freet d'Punkten 11. an 12. op den Ordre du Jour bäisetzen ze loossen.*

### 1. Einnahmeerklärungen

De Gemeenerot huet d'Einnahmeerklärungen a Gesamthéicht vu 4.512.595,43 € geneemegt.

### 2. Garantie bancaire GAL LEADER Miselerland

10 x ☑

Bei der LEADER-Period 2023-2029 ass et um Tour vun der Gemeen Wormer fir d'Garantie bancaire vum GAL LEADER Miselerland vun 300.000,00 € ze iwwerhuelen.

### 3. Konventioun Valorlux 2024

10 x ☑

Am Kader vum neien Offallgesetz vum 9. Juni 2022 muss och eng nei Konventioun mat der VALORLUX gemaach ginn, déi eestëmmeg vum Gemeenerot ugeholl gëtt. An der Praxis mierkt een dat ausschliisslech um Recycling Zenter Kundel beim Entsuerge vu Plastiksverpackungen, déi vun elo un anescht getrennt musse ginn. Dëst ass eng Mesure fir d'Vereinfachung vum Tri.

### 4. Kontrakt Eventbus Gemeen Wormer

10 x ☑

An der Vergaangenheet si reegelméisseg Veräiner un d'Gemeen erugetruede fir d'Fraise vun enger Navette ze iwwerhuelen, déi fir gréisser Eventer agesat gi sinn. D'Gemeen ass ëmmer gewëllt d'Veräiner an hir grouss Evenementer an der Gemeen ze ënnerstëtzen. Doraus ass d'Iddi ervirgaang dës Prozedur ze standardiséieren an déi eenzel Demanden an e strukturéierte Kader ze kréien. Mam Ubidder Emile Weber ass e Kontrakt ausgeschafft gi fir dëse Service ze formaliséieren.

### 5. Geneemegung Lotissement an der « Treil » a « Rue de Donven » zu Meechtem

10 x ☑

De Gemeenerot geneemegt ee Lotissement an de Stroossen « Treil », « Rue de Donven » an « Hiddeberreg » zu Meechtem, mat deem d'Parzelle mat de Nummeren 542/7022 an 542/7023 zesummegeluecht ginn, fir de Lous 3 ze schafen, d'Parzell mat der Nummer 968/7370 an zwee Lousen 1 an 2a opgedeelt gëtt an d'Parzell mat der Nummer 984/6604 un d'Lous 2 affektéiert gëtt. D'Lotissement ass d'Suite vun enger MOPO vum PAP « An de Gaarden/Widdem ». E Stéck vun deenen Terraine läit ausserhalb vum PAP.

### 6. Stroossennumm um Wormerberreg

10 x ☑

Et gëtt een Numm gesicht fir d'Strooss déi déi zwou Parzelle mat de Kadasternummeren 2765/9735 an 6129/9884 an der Sektioun C Wormeldange bilden. De Gemeenerot eenegt sech op de Stroossennumm « Um Kockeberreg ».

### 7. Temporäert Verkéiersreglement - « Rue de Dreiborn » zu Wormer

10 x ☑

De Gemeenerot confirméiert d'Dréngleckkeetsreglement, dat de Schäfferot a senger Sitzung vum 27. Mee 2024 ënnerschriwwen huet, fir d'Fuerbunnverengung an der « Rue de Dreiborn » wéinst engem Container, deen an der Strooss stoung.

### 8. Ofännerung vum Reglement fir Schüler- a Studenteprimmen

10 x ☑

D'Reglement fir d'Schüler- a Studenteprimme gouf nogebessert an de Gegebenheeten ugepasst. Ënner anerem gouf d'Alterslimitt no uewen revidéiert, fir Studenten, déi méi spéit Erfolleger erzilen, och d'Méiglechkeet ze ginn dës Primm fir gutt schoulesch Leeschtungen unzefroen.

### 9. Richtlinn fir d'Vergi vu Subside fir en Anniversaire vun engem lokale Veräin

10 x ☑

Bis ewell ass d'Tabell fir d'Vergi vu Subsiden déi un de Gebuertsdag vun engem Veräi gebonne sinn just bis den 150. Jubiläum vun der Grënnung vum Veräi gaangen. Elo ass d'Gemeen mat engem Veräin konfrontéiert dee säin 175. Besteeë féiert. Dat ass Ulass dës Richtlinn ze iwwerschaffen. Vum 125. Gebuertsdag un, huet all Veräin fir all Tranche vun 25 Joer e Subsid vu 5.000,00 € zegutt. Et steet explizitt am Reglement, datt de Schäfferot op d'mannst bis de 15. Oktober vum Virjoer iwwer den Anniversaire an déi dozougehéiereg Festivitéiten informéiert muss ginn.

### 10. Extraordinär Subsiden

10 x ☑

Op Virschlag vum Schäfferot decidéiert de Gemeenerot follgenden Associatiounen eng finanziell Ënnerstëtzung ze accordéieren :

| | |
|---|---|
| 75,00 € | Ambulanzwonsch |
| 100,00 € | Special Olympics Luxembourg |
| 2.500,00 € | 40e Anniversaire Confrérie du Palmberg |
| 2.500,00 € | Fechtclub Wormer A.s.b.l. |

### 11. Verkafsakt vun engem Wéngertswee um « Bauschberreg » zu Dräibuer

10 x ☑

De Gemeenerot approuvéiert den Nottärsakt vum 18. Juni 2024 mat deem d'Gemeen Wormer dem Schoulsyndikat Billek d'Parzell mat der Kadasternummer 1646/4903 (14,81 Ar) zu Dräibuer um « Bauschberreg » fir e Präis vun 11.107,50 € verkeeft.

### 12. Geneemegung vun engem Tauschofkommes mam Staat

10 x ☑

De Gemeenerot approuvéiert den Nottärsakt vum 18. Juni 2024 mat deem d'Gemeen Wormer d'Parzelle mat de Kasternummeren 309 (0,27 Ar), 309/2 (0,21 Ar), 310 (0,75 Ar), 312/9196 (1,45 Ar), 313/2537 (4,20 Ar) an 314/9238 (1,59 Ar) um Lieu-Dit « Rue Principale » zu Wormer oftrëtt, an am Géigenzuch d'Parzell mat der Kadasternummer 491/7645 (10,40 Ar) vum Staat kritt. D'Terrainen hunn ënnerschiddlech Valeuren, deemno muss der Gemeen eng Soulte vun 72.900,00 € bezuelt ginn.

## NET ËFFENTLECH SITZUNG

### 13. Demissioun vum Gemeenesekretär

10 x ☑

D'Demissioun vum Gemeenesekretär Här Jean-Jacques HELLERS ass mat Wierkung op den 1. Januar 2025 ugeholl ginn. Desweideren decidéiert de Gemeenerot, dem Här HELLERS den Éierentitel ze verginn, dee mat senge Funktioune verbonnen ass. Déi ganz Gemeen seet him e ganz häerzleche Merci fir säi laangjäregt Engagement.

ENN VUN DER SITZUNG ■

**AVIS OFFICIEL**

Il est porté à la connaissance du public que le Conseil communal a modifié par délibération du 24 juin 2024 le règlement communal pour l'obtention d'une prime d'encouragement pour études secondaires et supérieures.

**AVIS OFFICIEL**

Il est porté à la connaissance du public que le Conseil communal a modifié par délibération du 24 juin 2024 la ligne de conduite relative à l'attribution de subsides à l'occasion des anniversaires des associations.

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

*lundi, 24 juin 2024*

**Présent:** Le bourgmestre Max HENGEL; les échevins Claude PUNDEL et Mathis AST; les conseillers Martine SCHMIT, Marc KRING, Marc BECKIUS, Armand BECKER, Pierre ADAM, Marc KOHN et Judith KOHLER, le secrétaire communal Jean-Jacques HELLERS

**Excusé:** La conseillère Martine KOHLL

**Début de la séance:** 17h00

## SÉANCE PUBLIQUE

*Le Bourgmestre demande d'ajouter les points 11 et 12 à l'ordre du jour.*

### 1. Titres de recettes

Le Conseil communal approuve des déclarations de recettes d'un montant total de 4.512.595,43 €.

### 2. Garantie bancaire GAL LEADER Miselerland

10 x ☑

Pour la période LEADER 2023-2029, il incombe à la Commune de Wormeldange de fournir la garantie bancaire au GAL LEADER Miselerland, à hauteur de 300.000,00 €.

### 3. Convention Valorlux 2024

10 x ☑

La loi du 9 juin 2022 relative à la réduction de l'incidence de certains produits en plastique sur l'environnement donne lieu à une nouvelle convention avec la société VALORLUX. En pratique, la nouvelle convention se constate au centre de recyclage Kundel lors de la gestion des déchets d'emballages plastiques. Ceci est une mesure visant à simplifier le processus de tri.

### 4. Contrat « Eventbus Gemeen Wormer »

10 x ☑

Au cours des dernières années, les associations locales ont régulièrement fait appel à la Commune pour prendre en charge les frais des navettes vers des événements sur le territoire de la Commune. La commune s'engage toujours à soutenir les associations et leurs manifestations d'envergure. C'est dans cette optique qu'est née l'idée de standardiser cette procédure et de structurer les demandes individuelles. Un contrat a été établi avec le prestataire Emile Weber afin de formaliser ce service.

### 5. Lotissement dans les rues « Treil » et « Rue de Donven » à Machtum

10 x ☑

Le Conseil communal a approuvé le lotissement de terrains situés aux lieux-dits « Treil », « Rue de Donven » et « Hiddeberreg », fusionnant les parcelles 542/7022 et 542/7023 pour créer le lot 3. De plus, la parcelle 968/7370 est divisée en deux lots : 1 et 2a, et la parcelle 984/6604 est affectée au lot 2. Cet aménagement fait suite à une procédure MOPO du PAP « An de Gaarden/Widdem », étant donné qu'un des lots se trouve en dehors du PAP.

### 6. Dénomination d'une rue à Wormeldange-Haut

10 x ☑

Un nom de rue est proposé pour la rue formée par les deux parcelles 2765/9735 et 6129/9884 de la section C de Wormeldange. Le Conseil communal se met d'accord sur le nom de rue « Um Kockeberreg ».

### 7. Règlement de circulation temporaire - « Rue de Dreiborn » à Wormeldange

10 x ☑

Le Conseil communal confirme le règlement de circulation temporaire d'urgence établi par le Collège échevinal lors de sa séance du 27 mai 2024, concernant la gestion du trafic en raison d'un rétrécissement de la rue causé par la pose d'un conteneur dans la « Rue de Dreiborn ».

### 8. Modification du règlement pour primes étudiant

10 x ☑

Le règlement relatif à l'obtention d'une prime d'encouragement pour les études secondaires et supérieures a été révisé afin de mieux répondre aux circonstances actuelles. Parmi les modifications apportés, la limite d'âge a été augmentée, permettant ainsi aux étudiants plus âgés de bénéficier de cette prime en fonction de leurs résultats scolaires, même s'ils poursuivent leurs études à un stade ultérieur de leur vie.

### 9. Ligne de conduite - subsides pour anniversaires des associations locales

10 x ☑

Il a été constaté que le tableau utilisé par la Commune pour l'attribution de subsides ne va que jusqu'au 150$^{e}$ anniversaire de la fondation d'une association. La Commune est désormais confrontée à une association qui fête son 175$^{e}$ anniversaire, ce qui constitue une occasion de revoir cette ligne de conduite. À partir du 125$^{e}$ anniversaire, chaque association peut bénéficier d'une subvention de 5.000,00 € pour chaque tranche de 25 ans. Le règlement stipule que le collège échevinal doit être informé au plus tard le 15 octobre de l'année précédant l'anniversaire.

### 10. Subsides extraordinaires

10 x ☑

Plusieurs demandes de subside sont parvenues au Collège échevinal. Le Conseil communal accorde les subsides extraordinaires suivants :

| | |
|---|---|
| 75,00 € | Ambulanzwonsch |
| 100,00 € | Special Olympics Luxembourg |
| 2.500,00 € | 40$^{e}$ Anniversaire Confrérie du Palmberg |
| 2.500,00 € | Fechtclub Wormer A.s.b.l. |

### 11. Vente d'un chemin d'exploitation à Dreiborn

10 x ☑

Le Conseil communal approuve l'acte de vente, signé le 18 juin 2024, par lequel la Commune de Wormeldange vend au Schoulsyndikat Billek la parcelle 1646/4903 (14,81 ares) sise à Dreiborn au lieu-dit « Bauschberreg » pour une somme de 11.107,50 €.

### 12. Acte d'échange avec l'État

10 x ☑

Le Conseil communal approuve l'acte d'échange du 18 juin 2024, par lequel la Commune de Wormeldange cède les parcelles 309 (0,27 are), 309/2 (0,21 are), 310 (0,75 are), 312/9196 (1,45 ares), 313/2537 (4,20 ares) et 314/9238 (1,59 ares) situées au lieu-dit « Rue Principale » à Wormeldange. En contrepartie, la Commune acquiert la parcelle 491/7645 (10,40 ares) de la part de l'État. Étant donné que les terrains ont des valeurs différentes, l'échange donne lieu à une soulte de 72.900,00 € au profit de la Commune de Wormeldange.

## A HUIS CLOS

### 13. Démission du secrétaire communal

10 x ☑

Le Conseil communal approuve la démission de Monsieur Jean-Jacques HELLERS avec effet au 1$^{er}$ janvier 2025. Le Conseil communal lui confère également le titre honorifique associé à ses fonctions. Toute la commune le remercie sincèrement pour ses nombreuses années de service dévoué à la commune.

FIN DE LA SÉANCE ■

**AVIS OFFICIEL**

Il est porté à la connaissance du public que le Conseil communal a modifié par délibération du 24 juin 2024 le règlement communal pour l'obtention d'une prime d'encouragement pour études secondaires et supérieures.

**AVIS OFFICIEL**

Il est porté à la connaissance du public que le Conseil communal a modifié par délibération du 24 juin 2024 la ligne de conduite relative à l'attribution de subsides à l'occasion des anniversaires des associations.

# GEMEENEROTSSITZUNG

*vu méindes, dem 5. August 2024*

**Present:** De Buergermeeschter Max HENGEL; de Schäffe Mathis AST; d'Conseillere Martine SCHMIT, Marc KRING, Marc BECKIUS, Martine KOHLL, Armand BECKER, Pierre ADAM, Marc KOHN a Judith KOHLER; de Gemeenesekretär Jean-Jacques HELLERS

**Entschëllegt:** De Schäffen Claude PUNDEL

**Ufank vun der Sitzung:** 18.00 Auer

## ËFFENTLECH SITZUNG

### 1. Statuttenännerung vum Schoulsyndikat Billek

10 x ☑

De Gemeenerot geneemegt d'Statuttenännerung vum Schoulsyndikat Billek vum 25. Juni 2024. D'Waasserbasengen, déi näischt mam Objet vum Billek ze dinn hunn, sinn aus de Statutten erausgeholl ginn.

D'Finanzéierung gëtt duerch d'Iwwerschaffe vum Verdeeler-schlëssel nei fixéiert. De Verdeelerschlëssel fir zukünfteg Projete gesäit vir, dass d'Gemeen Wormer dës Investitioune mat 60% muss droen. Déi lafend Käschte vun der Schwämm an der Sportshal ginn elo iwwer de Populatiounsschlëssel verdeelt an net méi iwwer de Kannerschlëssel.

### 2. Kaf vun Terrainen Schoulsyndikat Billek - Spezialkredit

10 x ☑

Fir d'Aquisitioun vun den Terraine mat de Parzellnummeren 1648/4904 a 1649/4905 um « Bauschberreg » zu Dräibuer, déi an de Besëtz vum Schoulsyndikat kommen, war keen Artikel am Budget virgesinn. De Gemeenerot gëtt säin Accord fir een neien Artikel ze schafen an 350.000,00 € vum Budgetsartikel « Participation communes membres construction d'une crèche sur le site du Schoulsyndikat Billek » ofzezweigen. Duerch dës Mesure kann d'Gemeen Wormer seng Part vum Terrain finanzéieren.

### 3. Punktuell Ofännerung PAP « Um Iewent, phase nord-ouest » zu Éinen

10 x ☑

De PAP « Um Iewent, phase nord-ouest » ass ënnert de Reegele vum ale PAG gemaach ginn. Well de PAP elo gréisstendeels bebaut ass geet e vun engem PAP Nouveau Quartier (NQ) an de PAP Quartier Existant (QE) iwwer. Éier dat geschitt, gëtt dovu profitéiert nach e puer praktesch Aspekter (Implanatioun vun Terrassen, Gaardenhaiserche a Pergolaen, etc.) esou ze änneren, datt se mam PAP QE ofgestëmmt sinn. Dës Ofännerung betrëfft d'Lousen 56, 57 an 58. Et si keng Reklammatioune géint dës punktuell Modifikatioun agereecht ginn.

### 4. Punktuell Ofännerung PAP « Um Iewent, phase sud-ouest » zu Éinen

10 x ☑

Nom selwechte Prinzip wéi vum Punkt virdrun, hëlt de Gemeenerot och dës punktuell Ofännerung vum PAP un. Dësen Dossier betrëfft d'Lousen 61, 65.1 an 65.2.

### 5. Erneierung vum CR122 (Rue Principale) zu Wormer - Pläng an Devis

10 x ☑

Den Avant-Projet vun der Erneierung vum CR122 gouf an der Sitzung vum 16. November 2023 vum Gemeenerot guttgeheescht. Elo leien d'Pläng an den Devis fir d'Part vun der Gemeen um Dësch. D'Stroossebauverwaltung iwwerhëlt de Stroossekierper mat de Bordure fir 2.393.239,68 €. D'Gemeen Wormer ass zoustänneg fir d'Trottoiren, sämtlech Infrastrukturen (Kanal, Waasser, Stroossebeliichtung) an d'Busarrête fir 4.180.000,00 €.

### 6. Punktuell Modifikatioun vum Bautereglement (RBVS)

10 x ☑

An der Zone Artisanale setzt d'Gemeen e puer Moossnamen zur Energietransitioun ëm. Op Gebaier, déi hir erlaabte Maximal-Héicht schonn erreecht hunn, dierf eng PV-Anlag als Superstruktur bäigefüügt ginn. Ausserdeem ginn Autolifter erlaabt, e System dee Plaz spuert an hëlleft d'Autoe vun der Strooss ze kréien.

### 7. Deklasséierung vun enger Parzell zu Éinen

10 x ☑

Zu Éinen um Lieu-Dit « Neiebierg » steet e private Schapp am Domaine Public Communal. Fir an enger zweeter Etapp d'Parzell, op där de Schapp steet, kënnen un de Proprietär ofzetrieden oder ze verkafen an dës Situatioun ze regularéieren, beoptraagt de Gemeenerot de Schäfferot déi besote Parzell an den Domaine Privé Communal ëmzeklasséieren.





### 8. Konventioun 2024 mam Office Social Commun de Grevenmacher

10 x ☑

De Gemeenerot stëmmt den Accord iwwert d'Organisatioun an d'Finanzéierung vun den Aktivitéite vum Office Social, deen de 24. Mee 2024 tëscht dem Staat, dem Office Social an de 6 Membergemengen (Biwer, Fluessweiler, Gréiwemaacher, Manternach, Mäertert a Wormer) ofgeschloss ginn ass.

### 9. Extraordinär Subsiden

10 x ☑

Op Virschlag vum Schäfferot decidéiert de Gemeenerot follgenden Associatiounen eng finanziell Ënnerstëtzung ze accordéieren :

| | |
|---|---|
| 50,00 € | Déschtennis-Federatioun (FLTT) |
| 125,00 € | Comité des Fêtes Grevenmacher |

ENN VUN DER SITZUNG ■

**AVIS OFFICIEL**

Il est porté à la connaissance du public que le Conseil communal, par sa délibération du 5 août 2024, point 6 de l'ordre du jour, a procédé à une modification ponctuelle du règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites (RBVS). Ledit règlement a été transmis à Monsieur le Ministre des Affaires Intérieures en date du 9 août 2024 et réceptionné le 12 août 2024 conformément à l'article 40 de loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

*lundi, 5 août 2024*

**Présent:** Le bourgmestre Max HENGEL; l'échevin Mathis AST; les conseillers Martine SCHMIT, Marc KRING, Marc BECKIUS, Armand BECKER, Pierre ADAM, Marc KOHN et Judith KOHLER; le secrétaire communale Jean-Jacques HELLERS

**Excusé:** L'échevin Claude PUNDEL

**Début de la séance:** 18h00

## SÉANCE PUBLIQUE

### 1. Nouveaux statuts du Schoulsyndikat Billek

10 x ☑

Le Conseil communal approuve la modification des statuts du « Schoulsyndikat Billek » du 25 juin 2024. La gestion des réservoirs d'eau, qui n'a aucun rapport avec l'objet du syndicat scolaire, a été retirée des statuts. Le financement suit désormais une nouvelle clé de répartition. La clé de répartition pour les futurs projets prévoit que la Commune de Wormeldange doit couvrir 60 % des investissements. Les frais courants de la piscine et de la salle de sport sont désormais répartis selon la clé de population et non plus selon la clé des enfants.

### 2. Acquisition d'un terrain par le « Schoulsyndikat Billek - Crédit spécial

10 x ☑

Pour l'acquisition des terrains portant les numéros de parcelle 1648/4904 et 1649/4905 au lieu-dit « Bauschberreg » à Dreiborn, qui passeront dans le patrimoine du « Schoulsyndicat Billek », aucun poste n'était prévu au budget. Le Conseil communal donne son accord pour créer un nouvel article budgétaire et y réallouer 350.000,00 € de l'article « Participation des communes membres à la construction d'une crèche sur le site du Syndicat scolaire Billek ». Cette mesure permettra à la Commune de Wormeldange de financer sa part du terrain.

### 3. Modification ponctuelle du PAP « Um Iewent, phase nord-ouest » à Ehnen

10 x ☑

Le PAP « Um Iewent, phase nord-ouest » a été réalisé sur la base de l'ancien PAG. Comme il est désormais en grande partie construit, il passera du PAP Nouveau Quartier (NQ) au PAP Quartier Existant (QE). Avant cette transition, quelques aspects pratiques (implantation des terrasses, abris de jardin, pergolas, etc.) seront modifiés pour être en conformité avec le PAP QE. Cette modification concerne les lots 56, 57 et 58. Aucune réclamation n'a été déposée contre cette modification ponctuelle.

### 4. Modification ponctuelle du PAP « Um Iewent, phase sud-ouest » à Ehnen

10 x ☑

Selon le même principe que pour le point précédent, le Conseil communal approuve également cette modification ponctuelle du PAP. Ce dossier concerne les lots 61, 65.1 et 65.2.

### 5. Redressement du CR122 (Rue Principale) à Wormeldange - Plans et devis

10 x ☑

L'avant projet relatif au redressement du CR122 a été approuvé lors de la séance du Conseil communal du 16 novembre 2023. Les plans et le devis pour la part de la commune sont maintenant disponibles. L'Administration des Ponts et Chaussées prend en charge le corps de la route avec les bordures pour un montant de 2.393.239,68 €. La Commune de Wormeldange est responsable des trottoirs, de l'ensemble des infrastructures (canalisation, eau, éclairage public) ainsi que des arrêts de bus pour un montant de 4.180.000,00 €.

### 6. Modification ponctuelle du règlement communal sur les bâtisses, les voies et les sites (RBVS)

10 x ☑

